



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7214 vum 21. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Ginn opgrond vun de komplett beluechte Better an den iwwerlaaschte Kapazitéiten an der Pediatrie krank Kanner op aner Statiounen transferéiert?

Am Moment ass dat net den Fall. D'Bettkapazitéiten an der Pediatrie goufen entspreichend no uewen ugepasst an d'Poliklinique pédiatrique vergréissert.

2. Waat gëtt gemaach fir kuerzfristeg méi pediatresch Better zur Verfügung ze stellen?

Eng éischt Measure ass eng Upassung vun den verschidden pediatreschen Unitéiten am Spidol, wou zum Beispill Einzelbettzëmmer an Zweebettzëmmer ëmgestallt ginn sinn. Och ass Dagesklinik deelweis fir eng begrenzten Zäit an eng Poliklinik ëmdisponéiert ginn, sou dass do och méi Kapazitéiten fräi sinn.

Eng weider Measure ass, dass d'Kollaboratioun tëschent den verschiddenen Spideeler verstärkt gouf. Esou ginn et regelméisseg Reuniounen wou d'Bettersituatioun op Dagesbasis diskutéiert gëtt. Am Fall wou d'Spidol keng Bettkapazitéit méi huet, ginn d'Kanner national an en anert Spidol mat fräien Better transferéiert.

Dësweideren ass een „Plan de montée en charge“ ausgeschafft ginn, fir weider Mesuren an der Kannerklinik kennen ze ergräifen, falls déi aktuell Mesuren net géingen duergoen.

Lëtzebuerg, den 14. Dezember 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert